N°5549
Reçue le 24.01.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.01.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **drénglech** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kandheet a Jugend weider ze leeden.

Ëmmer méi Dokteren a Wëssenschaftler weisen drop hin, datt d'Omikron-Variant bei Puppelcher a Kanner ënner 3 Joer riskéiert, de sougenannte Pseudokrupp ze provozéieren, wouduerch et dann och zu méi Hospitaliséierunge kënnt, wéi et grad a Groussbritannien ze beobachten ass. Dës Weidere maachen d'Kannerdokteren allgemeng op méiglech Komplikatiounen duerch Otemnout, Long-Covid oder de „Syndrome inflammatoire multi-systémique" (PIMS oder MISC) bei Kanner opmierksam. Et ass nach ze fréi, fir zu dëse Laangzäitfolge scho Resultater aus wëssenschaftleche Studien ze hunn.

Wëssend, datt Kanner ënner 2 Joer keng Masken dierfen undoen an ënner 6 Joer keng sollen undoen, muss een dovun ausgoen, datt déi aktuell sanitär Mesuren an de Crèchen, am Precoce an am Cycle 1 just e Monitoring vun den Infektiounen zouloossen, ouni awer kënnen Ustiechungen ze verhënneren.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt de momentanen Dispositif vu sanitären Mesuren an de Crèchen, am Precoce an am Cycle 1 den aktuelle wëssenschaftlechen Erkenntnisser no duergeet, fir dës Kanner adequat ze schützen oder misst dësen iwwerduecht ginn?
2. Wann net, op wéi enge wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert dës Entscheedung?
3. Wéi eng Méiglechkeeten hunn Elteren, déi hir Kanner wëlle virun enger Infektioun schützen?
4. Huet de Pilotprojet vum „Réseau de prise en charge pluridisciplinaire du long-COVID" och Date vu Kanner gesammelt?
5. Wëssend, datt dëse Projet just fir 6 Méint ugeduecht war an deemnächst misst auslafen, gedenkt d'Regierung de Projet weiderzeféieren an eventuell auszebauen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel
Deputéierten

Martine Hansen
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend op d'urgent d'parlamentaresch Fro n° 5549 vum 24. Januar 2022 vun der honorabeler Deputéierter Madamm Martine Hansen an dem honorabelen Deputéierten Här Max Hengel.**

*1. Ass d'Regierung der Meenung, datt de momentanen Dispositif vu sanitären Mesuren an de Crèchen, am Précoce an am Cycle 1 den aktuelle wëssenschaftlechen Erkenntnisser no duergeet, fir dës Kanner adequat ze schützen oder misst dësen iwwerduecht ginn?*

Zanter dem Ufank vun der Pandémie stoungen d'Recht op d'Bildung an de Schutz vun der Schoulcommunitéit ëmmer am Mëttelpunkt. De Stufeplang ass ëmmer dann adaptéiert ginn, wann déi sanitär Situatioun en Upassen verlaangt huet.

Den Gesondheetsministère recommandéiert zanter dem Ufank vun der Pandémie effektiv de Kanner ënnert 6 Joer, kee Mask unzedoen. Den Artikel 4 vum Covidgesetz dréit deem Rechnung an dispenséiert d'Kanner ënner 6 Joer vum Droen vum Mask. D'Enseignants an dat sozioeducativt Personal am Cycle 1 genee wéi d'Personal an de Crèchen droen de Mask an huelen um Testing deel.

An de Crèchen ginn d'Kanner neierdéngs eréischt ab dem 3. Fall am Grupp a Quarantän gesat. Si mussen en certifiéierten Antigène-Test oder e PCR-Test virweisen fir erëm zréck an d'Crèche ze kommen.

Fir eng gréisstméiglech Sécherheet ze hunn, kruten d'Elteren vun de Kanner aus dem Cycle 1 eng «Déclaration sur l'honneur» ausgedeelt, mat däer si sech engagéieren, hiert Kand am Scénario de base dräimol an der Woch moies fréi ze testen éier si mat him an d'Schoul kommen. Ass dann trotz alle Précautiounen bis ee positive Fall an der Klass, da féieren d'Kanner, déi um Testdispositif deelhuelen, zesummen mat hiren Elteren wärend enger Woch all Dag moies doheem en Test duerch, éier et an d'Schoul geet, wann d'Resultat da negativ ass. D'Adaptatioun vum Testdispositif am C1 erlaabt et dovun auszegoen, datt duerch den deeglechen Testing am Kader vun engem Kontakt mat engem positiv Getesten, just déi Kanner an d'Schoul kommen, deenen hirt Testresultat moies négatif ass. Nieft dem Schutz vun de Kanner erlaabt den Testdispositif e kontinuéierlecht Léieren an der Schoul fir déi Schüler, déi un dësem Testdispositif Deel huelen. Par contre, déi Kanner, déi net un dësem Testing deelhuelen, sinn an der Quarantaine, an dierfe net méi an d'Schoul, esoubal ee positive Fall an der Klass ass.

Aktuell ginn et keng wëssenschaftlech Donnéeën déi beweisen dat d'Omicron-Variant en méi schwéieren Krankheetsverlaaf wéi d'Delta-Variant bei Puppelcher oder Kanner géif verursaachen. An deem Sënn sinn aktuell keng méi streng Mesuren, wéi déi uewen ernimmten Mesuren, geplangt wat den sanitairen Dispositif an den Crèchen an am Précoce ubelaangt.

*2. Wann net, op wéi enge wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert dës Entscheedung?*

Onpubliziéiert Donnéeën vum ECDC weisen dorop hin datt d' Unzuel vun Hospitalisatiounen bei Puppelcher an klenge Kanner selwecht héich souwuel bei der Delta Variant wéi och bei der Omicron Variant ass. Doriwwer eraus huet eng rezent Étude vun zéng europäesche Länner, dorënner Lëtzebuerg, gewisen, datt schwéier Fäll bei Kanner ganz seelen sinn (1,2% vun de Kanner mat Symptomer goufen am Spidol behandelt a 0,08% hu missen op enger Intensivstatioun behandelt ginn[1]).

---

[1] Nick Bundle et al. COVID-19 trends and severity among symptomatic children aged 0–17 years in 10 European Union countries, 3 August 2020 to 3 October 2021; Eurosurveillance Dec 2021

Allerdéngs verzeechent säit Ufank Januar d'Kannerklinik eng liicht Hausse vun Hospitalisatiounen vun Puppelcher am Zesummenhang mam Covid, déi awer ouni schwéier Komplikatiounen verlafen. Et beleet den Moment awer näischt datt dës Hausse effektiv op en méi schwéieren Verlaf vun der Omicron Variant speziell bei Puppelcher zeréckzeféieren wier.

*3. Wéi eng Méiglechkeeten hunn Elteren, déi hir Kanner wëlle virun enger Infektioun schützen?*

D'Kanner hu vum Ufank vun der Pandémie un geléiert, déi néideg „Gestes Barrière" ze applizéieren, wéi ënnert anerem d'Hännwäschen oder an den Ielebou néitschen. Des Regelen ginn an der Schoul erkläert an applizéiert an och d'Elteren thematiséieren des wichteg „Gestes barrière" mat hiere Kanner doheem a sëtzen si ëm.

An de Cycles 2, 3 a 4 droen 96 % vun den Elteren d'Approche vum Testing. Dëse besteet doranner, datt d'Kanner dräimol an der Woch an der Schoul an am Kader vun engem renforcéierten Testing, ab dem 1. positive Fall an der Klass, all Dag wärend enger Woch en Test maachen, fir esou eng gréisstméiglech Sécherheet an d'Schoul ze kréien. Et ass dovun auszegoen datt d'Elteren vun de Kanner am Cycle 1 mat deem nämlechte Engagement zur Sécherheet vun hire Kanner bäidroen an hier Kanner testen, éier si moies an d'Schoul kommen.

Wann déi grouss Majoritéit vun den Elteren am Cycle 1 sech engagéiert, um proposéierten Testing deelzehuelen, ass net nëmmen am Kader vun engem 1. positive Fall an der Klass sécher gestallt, datt d'Kanner en Test maachen, éier datt si an d'Schoul ginn, mee och am Scénario de base maachen si doheem dräimol an der Woch en Test an och an dësem Kontext, éier si an d'Schoul ginn. Vu d'Erfarungswäerter aus de Cyclen 2-4 ass dovunner aus ze goen, datt déi ganz grouss Majoritéit vun den Elteren och selwer Kloerheet wëll hunn, an dofir um Testing deelhëlt.

An der Crèche, wou den Testing awer méi schwiereg ëmzesetzen ass, gëtt d'Quarantän weider applizéiert wa bis dräi Kanner am selwechten Grupp positiv sinn. Wann e Kand a Quarantän gesat gëtt, huet ee vun den Elteren d'Recht op de Congé pour raisons familiales (CRF) an dierf mat sengem Kand doheem bleiwen.

D'Personal an der Crèche par contre ënnersteet de selwechten Regelen wéi d'Personal am Cycle 1 wat den Testing ubelaangt. D'Autotester an de Matériel de Protection, deen des Strukturen brauchen, ginn iwwert d'Convention mam Staat finanzéiert.

Doriwwer eraus ass och d'Impfung vun den Leit déi am Kontakt mat Kanner stinn ganz wichteg. Dëst gëllt souwuel fir d'Personal aus den Crèchen, dem Précoce an den Schoulen wéi och fir d'Elteren vun den Kanner. Erwuessener sollen hier Booster-Impfung virhuelen soubal si dat kënnen fir datt si am Fall vun enger Infektioun manner ustiechend sinn an domat d'Kanner engem manner groussen Risiko aussetzen.

Schwanger Fraen kënnen doduerch datt si sech impfen loossen an och hier Boosterimpfung an Usproch huelen soubal si kënnen, hirem Puppelchen ee wichtege Schutz géint en schwéieren Krankheetsverlaaf ginn.

*4. Huet de Pilotprojet vum „Réseau de prise en charge pluridisciplinaire du long-COVID" och Date vu Kanner gesammelt?*

D'Date betreffend Kanner ginn ënner dem aktuellen Pilotprojet nët gesammelt.

*5. Wëssend, datt dëse Projet just fir 6 Méint ugeduecht war an deemnächst misst auslafen, gedenkt d'Regierung de Projet weiderzeféieren an eventuell auszebauen?*

Den aktuellen Long-Covid Projet gëtt weidergefouert an eventuell ausgebaut. Déi deementspriechend Diskussiounen an Aarbechten zesummen mat der CNS sinn am gaangen.

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert